Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Kader vum Ausbau vum Iwwerwaachungssystem VISUPOL stellen sech gewësse Froen zu de Mëttelen, déi dëser Iwwerwaachungstechnologie zu Dispositioun gestallt ginn. Iwwerwaachungskameraen zeechnen nämlech net nëmme Biller op, mee kenne mat verschiddene Software genau d'Identitéit vun enger Persoun identifizéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Leeft iwwert de Programm vum Visupol eng Gesichtserkennungssoftware?
    - Falls jo, mat wéi engen Donnéeën gëtt d'Gesichtserkennung bedriwwen?

2. Greift de Programm vum Visupol am Kader vun der Iwwerwaachung op iergenwelch Datebankenvum Staat zou?
    - Falls jo, wéi eng sinn dat?

3. Wou sinn d'Daten, déi am Kader vum Visupol opgehol ginn, gespäichert? Wéi laang bleiwen dës Daten gespäichert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député